PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kooperatioun weiderzeleeden.

De Global Fund to Fight AIDS, TB & Malaria huet säi Joresresultatsbericht fir d'Joer 2023 veröffentlecht. Dëse Rapport weist impressionant Fortschrëtter am Kampf géint dës dräi Krankheeten. Besonnesch opfälleg ass, datt duerch d'Aarbecht vum Global Fund zënter 2002 ronn 65 Milliounе Liewe gerett goufen, wat zu enger bedeitender Reduktioun vun den Doudesfäll duerch AIDS, Tuberkulos a Malaria gefouert huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich war de Bäitrag vu Lëtzebuerg fir de Global Fund am Joer 2023 a wéi gesäit de geplangte Bäitrag fir 2024 aus?
2. Gëtt et Pläng, fir de lëtzebuergesche Bäitrag ze erhéijen, am Hibléck op déi impressionant Resultater vum Global Fund?
3. Wéi eng Méiglechkeete gesäit de Minister, fir d'Expertise vum Global Fund am Beräich vun der Gesondheetsinfrastruktur an eiser Entwécklungszesummenaarbecht ze notzen, besonnesch a Bezuch op d'Digitaliséierung vum Gesondheetssystem?
4. Wéi gedenkt de Minister d'Erfarunge vum Global Fund am Beräich vun de Mënscherechter an der Gläichberechtegung an eis bilateral Entwécklungszesummenaarbecht anzebannen?
5. Gesäit de Minister Méiglechkeeten, fir déi nei Technologien, déi duerch de Global Fund entwéckelt goufen (wéi z.B. déi nei Moustiquaire géint Malaria), och an eise bilaterale Projeten anzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten